# Parbréif

**fir d'Par**

## Äischdall-Helpert
## St. Willibrord

Wochen vum 25. Mee bis den 19. Juli 2026

N° 3/26 – Jg 10



Foto: Yvonne Dreher / pfarrbriefservice.de


LIU·JO
GUESS
LA MARTINA
TRUSSARDI
FRED PERRY
LACOSTE
MEPHISTO
Timberland
NeroGiardini
GEOX
TED BAKER
LONDON
AERONAUTICA MILITARE
MICHAEL KORS
www.maxpoint.lu
13 Rue d'Arlon L-8399 Windhof
Tél : 39 93 61
Nonnemillen Center
121 Route de Luxembourg L-6562 Echternach
Tél : 26 72 08 90
bratex.lu

St. Willibrord Äischdall-Helpert

# Pastoralekipp
# Equipe pastorale

## Parzenter – Centre paroissial

**61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH**

**☎ 20 80 02 60 aischdall-helpert@cathol.lu**

**Permanence:** freides vu 14 bis 17 Auer

**Bürostonnen:** Per Telefon ass de Büro d'ganz Woch iwwer ze erreechen. (oder am beschten iwwer Email oder op Rendez-Vous)

| | | |
|---|---|---|
| Abbé **Joël Santer**, Paschtouer | ☎ 26610403 | joel.santer@cathol.lu |
| Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon | ☎ 20800260 | jos.halsdorf@cathol.lu |
| Abbé **Patrick Schmit,** Diakon | ☎ 621413834 | patrick.schmit@cathol.lu |

**Telefon am Noutfall: ☎ 621966429**
z.B. bei engem Stierwfall, baussent de Bürostonnen.

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
**3. Juli 2026 um 12 Auer!**

De Parbréif 3/26 gët an enger Oploo vun 700 Stéck gedréckt
(verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 4/26 geet vum 20. Juli bis den 20. September 2026

**Impressum:**
Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord"
61A, route d'Arlon, L-7415 BROUCH

https://cathol.lu/aischdall-helpert



Léif Leit aus der Par „Äischdall-Helpert“

*« Eis Sehnsucht am Glawen nei entdecken, e Schlëssel zur Sehnsucht ? »*

*Foto : Pixabay*

Am Mount Juni beréiert si vu Gottesdéngschter ronderëm Païschten an Härläichendag. Beréiert si vun der Kraaft vum Hellege Geescht, d’Léift déi eis zu den Entscheedungen am Liewen aus der Léift eraus zum Gudde féiert. Härläichendag, wa mir an de Pressessiounen an eisen Dierfer, d’Christus an de 4 Himmelsrichtungen droen, an esou en Zeechnes ginn, dat Christus op all eise Weeër mat eis ënnerwee ass. Dës Zeechnes vu Glawen, dës Zeechnes vun Handlungen dat den Hellege Geescht eis zum Zesummenhalt féiert a bestäerkt, léisst vill Sehnsüchten vum Liewen , Sehnsüchten an eisen Häerzer e besonnesche Raum schenken.

Léif Leit déi dir dëse Gedanke liest, alles fänkt mat der Sehnsucht un, am Häerz ass ëmmer Plaz fir méi, fir eppes Schéines, fir eppes Gréisseres. Dat ass gläichzäiteg d'Gréisst an d'Nout vun der Mënschheet, vu Chrëschten. Eng Sehnsucht no Fridden, no Frëndschaft an no Léift. An do wou d'Sehnsucht erfëllt gëtt, bléit si nach méi staark op. Also loosst eis eis Sehnsucht ufänke mat der Sich, an se ofschléisse mat dem Gefill, dat fonnt ze hunn, wat mir gesicht hunn……

Zënter e puer Joer beréiert mech d'Thema vum Verlaangen no… ëmmer erëm an de spirituelle Begleedungen op. Et schéngt sécher Zäit ze sinn, e puer Gedanken dësem ënnerem Gefill vum Verlaangen ze schenken, **dem Schlëssel vum Verlaangen !** Reklammen an d'Medien, dacks aus der Perspektiv vum Konsum oder dem Wonsch no Besëtz, reegen eppes un an zwar eis Wënsch oder Sehnsüchten. Wien kennt net Leit, déi nervös eng Saach probéieren an duerno eng aner, ugedriwwe vun enger ënnerlecher Leere, déi si trotz dem Konsum vu materielle Wueren net zefridde stellt? E puer Saache sinn einfach net genuch, weder fir eisem Liewe Sënn ze ginn, nach fir eis Erfëllung ze bréngen !

Trotz de ville materielle Wënsch, déi ënner bestëmmten Ëmstänn eng temporär Roll bei der Gestaltung vun eisem Liewe kënne spillen, si mir begeeschtert, bei esou ville Leit en Opkomme vun enger geeschteger, spiritueller Sehnsucht ze beobachten. Spirituell Sehnsucht gesäit eis Liewensrees aus der Perspektiv vun där

geeschteger Visioun, fir déi een oder aneren an de Froe vu Gewësse strieft, mat deenen een esou dacks ze kämpfen huet! Dës Reflexioun huet zum Zil, eis d'Aen opzemaache fir dat Wesentlecht a dorop hin ze striewen, ouni eis oflenken ze loossen, an der Sécherheet, datt d'Sehnsucht no Erfëllung, no Léift, no Gott an eis lieft, eis d'Schrëtt an de Glawenswee weist!

D’Simone Weil benotzt e Bild, fir d'geeschteg , spirituell Aktioun tëschent Gott an der Mënschheet – Himmel a Äerd – ze illustréieren: « Zwee Gefaangener an Nopeschzellen kommunizéiere mateneen, andeems si Signaler géint d'Mauer tëscht hiren Zelle klappen. D'Mauer ass dat, wat si trennt, mee se erlaabt hinnen och, mateneen ze kommunizéieren. » Dat selwecht gëllt fir eis Mënschen. All Trennung ass eng Verbindung – en aneren Numm fir d'Sehnsucht. Awer et goufen ëmmer Momenter ,  Momenter am Alldag  wou eppes nei schéngt wéi eng déif gefillte Wourecht oder a nei d'Déifte féiert. A mengen Déifte well eppes do beréiert gëtt, well e Fonke Wourecht fir mäi Liewe sichtbar gëtt – eng Wourecht, déi fir e Moment d'Erfëllung vun dëser Sehnsucht, Sehnsucht no Léift a Gott bedeit.

An der dagdeeglecher Missioun vu spirituelle Begleedungen, sinn et déi Momenter, wou mir mussen ,  a kënnen iwwert d'Uewerfläch kucken; wou Freed nei Kraaft bréngt an eng Paus vum Alldeeglechen. Awer – loosse mir net un der Uewerfläch vun dëse Biller stoe bleiwen; loosse mir net an eiser Sehnsucht ze kuerz kommen – si wëll méi si wéi nëmmen d'Erfarung vun engem schéine Gefill.

Edith Stein schreift: « Mir bleiwe mat der Sehnsucht no der Fëllt vum Liewen, bis mir duerch d'Dier vum Doud an d'Liicht ouni Schiet erakommen » . Schéi wa mir vun esou Biller geleet ginn, déi eis Spuere vun dëser Sehnsucht an der Bibel, an Texter, Erënnerungen an Erfarungen entdecke loossen.  Schéi wa  mir dës Erfarunge weiderginn, se deelen, well si eis  hëllefen, e bedeitungsvollt an erfëllte Liewen ze féieren. Am Endeffekt geet et net ëm d'Uewerfläch, mä ëm dat, wat dem Liewe Sënn a Fëllt gëtt, mat Christus um Wee ze sinn !

Sehnsucht ass déi Kraaft, déi eis hëlleft, Egoismus a Béiswëlleges ze iwwerwannen, sou datt mir nei Dimensiounen am Liewen entdecken a realiséiere kënnen. Mir léieren eis Egozentrizitéit ze vergiessen, wa chrëschtlech Wäerter neie Schrëtt Prioritéit ginn. D'Sehnsucht erlaabt eis, Grousses ze spieren an drop ze hoffen; d'Sehnsucht no Léift déi eis bei der Daf geschenkt ginn ass, déi  präsent ass, e Schlëssel, deen eng Dier zu Dir , zum Nächsten  opmécht .

Abbé Patrick Schmit
stännegen Diakon

# Gottesdéngschtuerdnung

**fir d'Wochen vum 25. Mee bis den 19. Juli 2026**

Méindeg, 25.05.26 **Päischtméindeg**

Gedenkdag vu Maria, der Mamm vun der Kierch

**Willibrordusfeier um Helperknapp**

09:30 **Bëschdref:** Statiogebiet beim Willibrordusbuer virun der Kierch. Uschléissend: **Bittprëssessioun** op den Helperknapp.

10:00 **Helperknapp:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

10:30 **Helperknapp:** Feierlech **Pontifikal- a Pilgermass** zur Éier vum hellege Willibrord, op Meenung vun de Pilger.

No der Mass: **Seenen vun der Willibrordusquell.**

Festpriedegt: Mgr Luc TERLINDEN, Äerzbëschof vu Mechelen-Bréissel, et konzelebréiert ë. a. de Mgr Rolf LOHMANN, Weibëschof zu Münster.

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Dënschdeg, 26.05.26 **Päischtdënschdeg**

**Sprangprëssessioun zu Iechternach**

08:00 **Iechternach:** Pontifikalmass zur Éier vum hellege Willbrord. Uschléissend: **Sprangprëssessioun** duerch d'Abteistad.

No der Sprangprëssessioun: Pilgermass.

**D'Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord" spréngt beim Grupp 25 mat. Häerzlech Invitatioun!**

Mëttwoch, 27.05.26 (Hl. Agustinus vu Canterbury, + 605)

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 28.05.26 **Fest Jesus Christus, éiwegen Hohepriister**

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass fir Betty Schmitz-Wallers.

Freideg, 29.05.26 (Hl. Poopst Paul VI., + 1978)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Abbé Arsène Braun / fir Abbé Jos Weisgerber.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

Samschdeg, 30.05.26

11:30 **Bëschdref:** Daffeier fir Eva Marthe Schumann.

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Théo Greischer.

14:30 **Bruch:** Daffeier fir Mirko Brosius.




Foto: Elis Eiwi / pfarrbriefservice.de

# Héichfest vun der allerhellegster Dräifaltegkeet A

Äussert Kierchweifest vun der Kierch vu Biissen (Kiermes)

Samschdeg, 30.05.26

18:00 **Biissen:** Feierlech Virowend- a **Kiermesmass** fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Biissen a vum Rouscht / 6. Wochemass fir Catherine Fallis-Meyers / 1. Joermass fir Marie-Thérèse Krieps-Schroeder / 2. Joermass fir Jos Kesseler a fir d'Verstuerwen vun de Familljen Kesseler a Glaesener / fir Rosa Da Silva Felicio / fir Jeannot Klein / fir d'Verstuerwen vun der Famill Ledesch.

Dës Kiermesmass gëtt gesongen vun der „Chorale Ste-Cécile" vu Walfer.

Sonndeg, 31.05.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M36).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir Raymond Heinz.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 01.06.26 Hl.Justin, + ëm 165

09:00 **Téinten:** Mass fir Henri Duscherer.

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 02.06.25 (Hll. Marcellinus & Péitrus, + ëm 303)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M37).

Mëttwoch, 03.06.26 Hl. Karl Lwanga & Gefährten, + 1886)

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 04.06.26

09:00 **Winterspelt:** Festmass fir Härläichendag.
Uschléissend: Härläichepressessioun.

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Wuertgottesdéngscht.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d’Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Bëschdref:** Masso p Meenung (M38).

Freideg, 05.06.26 Hl. Bonifatius, Apostel vun den Däitschen, + 754

Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz Jesu, als Joermass fir Valentin Santer.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).



Samschdeg, 06.06.26 (Hl. Norbert vu Xanten, + 1134)

09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-2).

09:00 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-3).

15:00 **Bruch:** Hochzäitsfeier fir Romain Iannelli a Carole Thirriard.





Foto: Michael Bogedain / pfarrbriefservice.de

# Härläichendag A

**Héichfest vum Läif a vum Bludd vun eiser Här Jesus Christus**

Samschdeg, 06.06.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir all lieweg a verstuerwe Mammen (bestallt vum „Blummeveräin“) / Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Haan-Stoffel / Stëftung fir d’Verstuerwen vun der Famill Wendel-Klasen.

Sonndeg, 07.06.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir d’Verstuerwen vun de Familljen Geimer-Schmit a Schmit-Leyen.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d’Par.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 12:00 Auer).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 08.06.26

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M39).

Denschdeg, 09.06.26 (Hl. Ephräm de Syrer, + 373)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass op Meenung (M40).

Mëttwoch, 10.06.26

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 11.06.26 Hl. Apostel Barnabas

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Wuertgottesdéngscht.

Freideg, 12.06.26 **Héichfest vum Allerhellegsten Häerz Jesu**



09:00 **Bruch:** Laudes a Festmass zur Éier vum allerhellesten Häerz Jesu, als Joermass fir Abbé Jean Siebenbour / op Meenung (TH) / Stëftung fir déi fréier Paschtéier vu Bruch: Jean Fabritius, Pierre Pünnel, André Schmitz, August Hoferlin, Jean Bourcy, Nic Fisch, Joseph Dühr, Félix Eischen, Joseph Hansen a Charles Guill.
Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:30 Auer).



Samschdeg, 13.06.26 Onbefleckt Häerz Mariä

11:30 **Bruch:** Daffeier fir Elena Maëlle Backes.
14:00 **Biissen:** Daffeier fir Elsa Claessens.
14:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-1).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Jugendkatechees (CATE-4).

# 11. Sonndeg am Joreskrees A
## Mammendag

Samschdeg, 13.06.26
18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Aloyse a Pauline Assa-Wagner / fir d'Verstuerwen vun der Famill Engel-Schell.

Sonndeg, 14.06.25
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M41).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.
11:45 **Bruch:** Familljemass op Meenung (M42).
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 17:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 15.06.26
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M43).
19:00 **Bruch:** Eucharistesch Ubiedung fir d'Neievangelisatioun vun eiser Par (bis 20:00 Auer).
Uschléissend: spirituellen Austausch am Parzenter (bis 21:00 Auer).
Op Initiative vun eisem Pastoralrot wëlle mer d'Zukunft vun eiser Par an dem Härgott seng Hänn leeën a lauschteren, wat hiën eis ze soën huet. Hië soll eis inspiréieren an zesummen wëlle mer synodal an d'Zukunft kucken.

Dënschdeg, 16.06.26 (Hl. Benno, + 1106)
10:30 **Äischen/Altersheem:** Wuertgottesdéngscht.

Mëttwoch, 17.06.26
158. Joresdag vun der Kierchwei zu Béiwen
138. Joresdag vun der Kierch zu Téinten
113. Joresdag vun der Kierchwei zu Bruch

*Kee Gottesdéngscht an eise Par!*

<u>Donneschdeg, 18.06.26</u>

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Mass als Stëftung fir Nic Trauffler a Marie Ferron-Trauffler.

16:30 **Bruch:** Prouw vun den Éischtekommiounskanner.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d’Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Rued:** Mass fir Josy a Lucie Steinmetz-Schmitz.

<u>Freideg, 19.06.26</u> (Hl. Romuald, + 1027)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir d’Verstuerwen vun der Famill Santer-Liefgen a fir Abbé Paul Emeringer.

10:00 **Bruch/Parzenter:** Dekanatsdësch iwwer d’Katechees.

<u>Samschdeg, 20.06.26</u>

09:00 **Bruch/Parzenter:** Éischtkommiounskatechees (CATE-KO).

11:30 **Äischen:** Daffeier fir Victor De Valder.




Bild: Markus Tomberg, Tool: wortwolken.com / pfarrbriefservice.de

# 12. Sonndeg am Joreskrees A

Samschdeg, 22.06.26

*Keng Virowendmass an eiser Par!*

Sonndeg, 21.06.26

09:00 **Biissen: Tëleesmass** op Meenung (M44).
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M45).
10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.
11:45 **Bruch:** Familljemass op Meenung (M46).
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 22.06.26 (Hl. Paulinus vu Nola, + 431 &
Hl. John Fisher & Hl. Thomas Morus, béid + 1535)

09:00 **Lëtzebuerg/Centre Jean XXIII:** Bëschofsmass fir de Priisterrot.
18:00 **Biissen:** Feierlechen **Te Deum** fir d'Gemeng Biissen.
19:00 **Äischen:** Feierlechen **Te Deum** fir d'Gemeng Habscht.
20:00 **Bruch:** Feierlechen **Te Deum** fir d'Gemeng Helperknapp.

Dënschdeg, 23.06,26 **Lëtzebuerger Nationalfeierdag**
158. Joresdag vun der Kierchwei zu Biissen

09:30 **Säll:** Feierlechen **Te Deum** fir d'Gemeng Säll.
10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung fir d'groussherzoglech Famill a fir d'Uleies vun der Heemecht.

Mëttwoch, 24.06.26 **Héichfest vun der Gebuert vum hellege Johannes den Deefer**
Haaptpatréiner vun der Kierch vu Bëschdref
Patréiner vun der Kapell um Helperknapp

18:30 **Helperknapp:** Festmass op Meenung (M47).

<u>Donneschdeg, 25.06.26</u>
10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „am Park“:** Mass fir Betty Schmitz-Wallers.

<u>Freideg, 26.06.26</u> (Hl. Josefmaria Escriva, +1975)
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Marcelle Santer-Deiskes. Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

# Éischtkommiounsweekend an eiser Par

<u>Samschdeg, 27.06.26</u> (Hl. Cyrill vun Alexandrien, + 444 & Hl. Hemma vu Gurk, + 1045)
10:30 **Bruch:** Cortège vun den Éischtkommiounskanner vum Parzenter an d'Parkierch, uschléissend feierlech **Éischtkommiounsmass** fir 24 Kanner.

*Kollekt fir d'Katechees an eiser Par!*

11:30 **Äischen:** Daffeier fir Timothée Neuberg.
14:30 **Bruch/Parzenter:** Klengkannerkatechees (CATE-Bambini).
14:30 **Bruch/Parzenter:** Kannerkatechees (CATE-1).



Foto: Roger Nilles / intranet.cathol.lu

# Éischtkommiounskanner 2026

## an der Par „Äischdall-Helpert St-Willibrod“

24 Kanner maachen de 27. Juni 2026 hier Éischtkommioun an der Parkierch St. Matthias zu Bruch:

| | |
|---|---|
| 1. BATISTA DA COSTA Ayden | |
| 2. BOZIC Leonardo | Téinten |
| 3. CANOSSA SERRANO Norah | Kielen |
| 4. DA SILVA Melinda | Béiwen/Atert |
| 5. DE VOR Ayleen | Fiels |
| 6. FIGUEIREDO DE OLIVEIRA Bernardo | Biissen |
| 7. GELHAUSEN FERNANDES Alicia | |
| 8. GILS Mia | Näerden |
| 9. GREFFRATH Mathis | Biissen |
| 10. GROSU Alexander | Téinten |
| 11. GROSU Théo | Téinten |
| 12. HEVEE Charlotte | Lëtzebuerg |
| 13. HEVEE Juliette | Lëtzebuerg |
| 14. KHATTO Elena | Téinten |
| 15. KOHL Jack | Bruch |
| 16. LOPES TEIXEIRA Yuri | Béiwen/Atert |
| 17. LOUREIRO GODINHO Eva | Béiwen/Atert |
| 18. MARQUES Emi | Biissen |
| 19. MÖLLER BAUER Mia | Säll |
| 20. NETO MAGALHAES Nelly | Téinten |
| 21. NOGUEIRA LEAL Maria | Béiwen/Atert |
| 22. PIMENTA Tomás | Biissen |
| 23. PINTO Amaya | Biissen |
| 24. SCHULTÉ Julie | Téinten |

## 13. Sonndeg am Joreskrees A

Äussert Patronatsfest vun der Kierch vu Bëschdref (Kiermes)

Samschdeg, 27.06.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Théo Back / fir Jeannot Klein / fir d'Verstuerwen vun der Famill Thillmany / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Petry-Weiler an Zimmer-Kellen.

Sonndeg, 28.06.26

09:00 **Simmer:** Gemeinschaftsmass fir all lieweg a verstuerwe Memberen bei Geleeënheet vum 30. Anniversaire vun der „Chorale mixte Ste-Cécile" vu Simmer / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Huls, DeKong, Hansen a Jacob.

10:30 **Bëschdref:** Feierlech **Kiermesmass** zur Éier vum hellege Johannes dem Deefer, als Houmass op Meenung fir d'Par / fir all lieweg a verstuerwen Awunner vu Bëschdref / fir d'Verstuerwen vun der Famill Dühr-Mehlen / fir d'Verstuerwen vun der Famill Sinnes-Aust / Stëftung fir Jean a Marie Gonderinger-Niedercorn a Famill.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir d'Kierchen an Osteuropa!*

Méindeg, 29.06.26

**Héichfest vun den Apostelfürsten**
**Péitrus & Paulus**
**Haaptpatréiner vun der Kierch vun Téinten**

09:00 **Téinten:** Festmass zur Éier vun den hellegen Péitrus a Paulus, op Meenung (M48).

Dënschdeg, 30.06.26

**Hl. Donatus, + ëm 180**
**Patréiner vun der Kapell vu Rued/Äisch**
Niewepatréiner vun der Kierch vun Habscht

10:30 **Äischen/Altersheem:** Wuertgottesdéngscht.

Mëttwoch, 01.07.26

18:30 **Iechternach:** Konveniatsmass vum Weiejoer 2000.

Donneschdeg, 02.07.26 Fest Mariä Heimsuchung

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park“:** Mass fir Bozidar Stoiljkovic.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d’Erneierung vun eiser Par.

18:30 **Sëll:** Mass als Stëftung fir de Paschtouer August Neuman, fir Jean-Louis Molitor a fir Wohltäter vun der fréierer Par Sëll / Stëftung fir Carlo an Eugénie Mathias-Schroeder (Ka) / op Meenung (Ka).

Feideg, 03.07.26 **Fest vum hl. Apostel Thomas**

Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)



09:00 **Bruch:** Laudes a Mass zur Éier vum allerhellegsten Häerz Jesu, op Meenung (M49).

Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

18:30 **Simmer:** Mass als 1. Joermass fir Roger Bolmer.

Samschdeg, 04.07.26 (Hl. Ulrich, + 973; hl. Elisabeth, + 1336)

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Aide Ney.

14:00 **Biissen:** Hochzäitsfeier fir Christophe Terver a Léa Brune.



## 14. Sonndeg am Joreskrees A

Samschdeg, 04.07.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 6. Wochemass fir Abbes Pauly / fir d'Verstuerwen vun der Famill Klein-Clement / fir Margot Laschette-Biwer / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Victor-Adam, Victor-Heisen a Victor-Pauly.

Sonndeg, 06.07.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass fir Mil an Yvette Grethen-Bettendorf.

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

11:45 **Bruch: Open-Air-Kanner- a Famillemass als Danksagungsmass fir d'Éischtkommiounskanner** vun dësem Joer, op Meenung (M50).

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 17:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 06.07.26 (hl. Maria Goretti, + 1902)

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (M51).

18:30 **Bruch/Parzenter:** Dafvirbereedung.

Dënschdeg, 07.07.26

10:30 **Äischen/Altersheem:** Mass op Meenung (L).

Mëttwoch, 08.07.26 (Hl. Kilian a Gefährten, + 689)

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Donneschdeg, 09.07.26 (Hl. Augustinus Zhao Rong a Gefährten, +1815)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Mass op Meenung (M52).

<u>Freideg, 10.07.26</u> (Hl. Knud, + 1086; hl. Erich, + 1160; hl. Olaf, + 1030)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Marcel Beck.
Uschléissend: Eucharistesch Ubiedung (bis 10:00 Auer).

<u>Samschdeg, 11.07.26</u> **Fest vum hl. Benedikt vu Nursia, + 547**
<u>Schutzpatréiner vun Europa</u>

11:30 **Äischen:** Daffeier fir Léo Mathgen.

15:00 **Esch/St-Joseph:** Hochzäitsfeier fir Luca Bernardini a Selina Reiff.





Bild: Kloster Marienberg / Peter Weidemann (Foto) / Pfarrbriefservice.de

## 15. Sonndeg am Joreskrees A

Äussert Kierchweifest vun der Kierch vun Habscht (Kiermes)

Samschdeg, 11.07.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir Jeannot Klein.
Dës Mass gëtt gesongen vun der Choralle „Les Enchantées".

Sonndeg, 12.07.26

09:00 **Bruch/Festzelt „Am Eck":** Gemeinschaftsmass fir all liewend a verstuerwe Memberen vum „Lanz-Team-Lëtzebuerg", bei Geleeënheet vun hierem Traktersefest / fir Jeannot Collère a Jos Petry.

09:00 **Habscht:** Feierlech **Kiermesmass** als Houmass op Meenung fir d'Par / fir all liewend a verstuerwen Awunner vun Habscht a vun der Kräizerbuch.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer)

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*

Méindeg, 13.07.26 Hl. Heinrich, + 1024 & Hl. Kunigunde,+ 1033
Prophéit Joël

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

Dënschdeg, 14.07.26

10:30 **Äischen/Altersheem:** Wuertgottesdéngscht.

Mëttwoch, 15.07.26 Hl. Bonaventura, + 1274
46. Joresdag vun der Kierchwei zu Habscht

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par !*

Donneschdeg, 16.07.26 (Muttergottes vum Bierg Karmel)

10:30 **Biissen/Seniorenresidenz „Am Park":** Wuertgottesdéngscht.

18:00 **Habscht:** Rousekranzgebiet fir d'Erneierung vun eiser Par.

Freideg, 17.07.26

*Kee Gottesdéngscht an eiser Par!*

## 16. Sonndeg am Joreskrees A

Äussert Patronatsfest vun der Kierch vu Rued/Äisch (Kiermes)

Samschdeg, 18.07.26

18:00 **Biissen:** Virowendmass als 1. Joermass fir Lydie Baulisch-Sand / fir d'Verstuerwen vun der Famill Engel-Heymans / Stëftung fir d' Verstuerwen vun der Famill Bock-Linster.

19:30 **Rued:** Virowendmass als feierlech **Kiermesmass** fir all liewend a verstuerwen Awunner vu Rued / Joermass fir Marie Weiler-Closter.

Sonndeg, 19.07.26

09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass op Meenung (M53).

10:30 **Bruch:** Houmass op Meenung fir d'Par.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:00 Auer).

*Kollekt fir eis Kierchen a fir eis Par!*



Kapell St. Donatus vu Rued/Äisch
Foto: Jim Wanderscheid / intranet.cathol.lu

# Ausruffung fir d’Sakrament vum Bestiednis

Folgend Chrëschten aus eiser Par wëlle sech kierchlech bestueden (d’Hochzäiten mussen – dem Kircherecht no (CIC 1067) – an däer Par publizéiert ginn, wou d’Brautleit wunnen):

1. CARELLI Benny & SMEETS Justine, allebéid vun Habscht: D’Hochzäitsfeier gouf gefeiert e Samschdeg, de 9. Mee 2026 an der Parkierch Sts Kosmas an Damian zu Klierf.

2. IANNELLI Romain & THIRRIARD Carole, allebéid vu Rued/Äisch : D’Hochzäitsfeier gëtt gefeiert e Samschdeg, de 6. Juni 2026 an der Parkierch St. Matthias zu Bruch.

3. TERVER Christophe & BRUNE Léa, allebéid vu Biissen : D’Hochzäitsfeier gëtt gefeiert e Samschdeg, de 4. Juli 2026 an der Kierch St. Stephanus zu Biissen.





Foto: Roger Nilles / intranet.cathol.lu

# Aus eiser Par…

## Aus eisen Dierfer:

- **Äischen:**
  Am Altersheem gëtt vun elo un all Dënschdeg ee Gottesdéngscht gefeiert. Massintentiounen kënnen am Parsekretariat bestallt ginn.

- **Biissen:**
  Zu Biissen hu mer ee wonnerschéinen Dafsteen aus Marmor. Well eis d'Waasser vill Kallek huet an de Marmor ugräift, hu mer eng Cuve aus Koffer maache gelooss, déi dem Dafsteen ugepasst ass, sou dass de Becken elo schéin a propper ausgesäit, wa gedeeft gëtt. Do dran gëtt dann eng Cuve aus Plexiglas agesaat, déi liicht propper ze haalen ass (wat haut ganz wichteg ass, well mer nët méi genuch Leit hunn). Mir hunn och vun der Geleeënheet profitéieret, eisen Deckel (dee Rëss haat an oft noutdierfteg reparéiert gouf), an d'Rei ze setzen. Wann Dir eis finanziell hëllefe wëllt, wiere mer frou iwwer deen Don op de Kierchefong – CGP09: LU13 0019 5055 9546 1000. Dës Spenden si steierlech ofsetezbar. Merci fir Äer Hëllef, eis Kierch ze verschéineren.

- **Bruch:**
  Zu Bruch hu mer hannen an der Kierch Wäiwaasserpätt, déi schwéier propper ze hale sinn, wéinst dem ville Kallek am Waasser. Dëse Kallek frësst de Steen. A mir hu keng Leit méi, fir all Woch dës Wäiwaasserpätt propper ze haalen. Duerfir hu mer och hei eng Cuve aus Koffer maache gelooss, fir datt dat elo propper ausgesäit (et hëllt ee sech och léiwer Wäiwaasser aus engem proppere Wäiwaasserpatt wéi wann e knaschteg ass). Well an eiser Parkierch och vill Daffeiere stattfannen, hu mer vun der selwechter Geleeënheet profitéiert, och fir den Dafsteen eng Cuve aus Koffer maachen ze loossen, wou eng zweet Cuve aus Plexiglas agesaat gëtt, fir datt och den Dafsteen propper ausgesäit. Bei däerselwechter Geleeënheet gëtt och den Deckel nei geschlaff a poléiert. Wann Dir eis finanziell hëllefe wëllt, wiere mer frou iwwer deen Don op de Kierchefong – CGP09: LU13 0019 5055 9546 1000. Dës Spenden si steierlech ofsetezbar. Merci fir Äer Hëllef, eis Kierch ze verschéineren.

# Firmung 2027:

Nodeems mer ee flotte Grupp vu Jonken zesummekritt hunn, plange mer déi nächste Firmung. Déi wäert e Samschdeg, de 5. Juni 2027 mueres um 10 Auer an eiser Par stattfannen. Am Hierscht wäert déi direkt Firmvirbereedung ufänken. Wann nach weiderhi jonk oder erwuesse Matchrëschten gäre gefirmt wëlle ginn, sollen si sech nach roueg am Parsekretariat umellen.

# Katechees 2026/27:

D'Grouss Vakanz kënnt méi no, an domatter och d'Preparatioun fir ee neit Schouljoer. Och d'Katechees muss logistesch a mat de Benevolle geplangt ginn Duerfir – vergiesst nët – Är Kanner fir d'Katechees vun elo un fir dat nächste Schouljoer 2026/27 unzemellen, fir datt d'Katechees pünktlech fir den halwe September ulaafe kann. All weider Informatiounen kritt Dir am Parsekretariat:

Email: aischdall-hepert@cathol.lu).

# Massen op franséisch:

Als Suite vun der Pastoralvisitt vum Här Äerzbëschof huet de Pastoralrot aus eiser Par decidéiert, datt mer franséisch Massen ubidden fir eis frankophon Matchrëschten. Eis Gesellschaft wandelt sech, a mer hunn ëmmer méi Leit an eisem Land, déi franséischsproocheg sinn. Fir och dës Chrëschten ze erreechen an an eis Par anzebannen, proposéiere mer, eemol am Mount eis Massen op franséisch ze feieren. Sou wéi eis Massen op lëtzebuergesch/däitsch gefeiert ginn mat e bësse franséisch, wäerte mer deenen franséische Massen haaptsächlech déi franséisch Sprooch benotzen mat bëssen lëtzebuergesch/däitsch. Schéi wier et, wann eis frankophon Matchrëschten esou och eng Plaz an eiser Communautéit kréichen. Eis Par ka gestäerkt an d'Zukunft goën, wa mer d'Mënschen all, och mat anere Sproochen a Kulturen, mat an d'Boot huelen.

## Krankebeicht / Krankekommioun / Krankesalbung:

Zu jidder Zäit kommen eis Geeschtlech gären bei Iech heem fir d'Krankebeicht, d'Krankekommioun oder d'Krankesalbung. Mellt Iech einfach am Parsekretariat un. Och an der Seniorenresidenz zu Biissen an am Altersheem zu Äischen geet de Paschtouer dënschdes oder donneschdes no der Mass bei Leit an d'Zëmmer, wann de Wonsch geäussert gëtt. Mellt Iech och duerfir am Parsekretariat oder an der Rezeptioun.

## Massintentiounen:

An **alle** Kierchen a Kapellen kënnen och weiderhinn Masse gefeiert ginn, wann eng Ufro do ass a Leit dës Masse matfeieren. Et ass esou, datt ganz wéineg Massintentiounen bestallt sinn, also keng Demande do ass. Masse kann ee feieren fir Verstuerwener, fir déi Lieweg, awer och fir bestëmmten Uläss. Grad an deene Kierchen, wou keng Sonndesmassen méi gefeiert ginn, kënne vu méindes bis samschdes Masse gefeiert ginn (och samschdes owes no der Biisser Mass), **wann eng Demande do ass** (bestallte Massintentiounen) **a Leit, déi sech ëm d'Kierchen a Kapelle këmmeren**, esou datt och würdeg Gottesdéngschter kënnen ofgehaale ginn.

Och fir d'Massen an eisen Altersstrukturen kënne Massintentioune bestallt ginn, entweeder bei eise Geeschtlechen, wa se am Haus sinn, oder am Parsekretariat.

## Pilgerfaahrt op Kevelaer:

Vum 14. bis den 18. September pilgert eis Par, an Zesummenaarbecht mat der Par „Musel & Syr St-Jacques" op Kevelaer, wou ee Bildchen vun der Tréischterin am Leed am Mëttelpunkt vun der Wallfaahrt steet. Reservéiert Iech schons dësen Datum. Weider Informatiounen an och umelle kënnt Dir Iech am Parsekretariat vun der Par „Musel & Syr St-Jacques" (Email: musel-syr@cathol.lu) an och iwwer eist Parsekretariat.

# Ubiedung vum allerhellegsten Sakrament:

An eiser Péiter-a-Paulkierch zu Téinten hu mer an der Sakramentskapell ee wonnerschéinen Tabernakel, deen een opmaache kann, fir dann an enger Fënster dat Allerhellegst ze gesinn an unzebieden. Jiddereen kann heihinner kommen, fir mat dem eucharisteschen Jesus ee Moment ze verbréngen. D'Téintener Kierch ass all Dag op vun 8 bis 19 Auer. Et brauch ee just an de Chouer ze goën, wou op der rietser Säit d'Sakramentskapell ass. Et däerf ee roueg den Tabernakel opmaachen, fir Jesus Christus unzebieden.

Zu Bruch ass freides no der Mass och ee Moment vun Ubiedung vum allerhellesten Sakrament.

Natierlech kann an alle Kierchen – wou d'éiweg Luucht eis d'Realpräsenz vu Christus am Tabernakel uweist – do virdru gebiet ginn! Duerfir sinn eis Kierchen zu Äischen, Béiwen/Atert, Bëschdref, Biissen, Bruch, Habscht, Sëll an Téinten all Dag io, Profitéiert roueg vun dëser Gottespräsenz.

No der Pastoralvisitt vun eisem Kardinol hu Membere aus dem Pastoralrot proposéiert, datt mer d'Zukunft vun eiser Par  an de Härgott seng Hänn leeën. Duerfir proposéiert de Pastoralrot eemol am Mount fir jiddereen, deem d'Kierch an eiser Regioun ee wichtegt Uleies ass, zu enger helleger Stonn vun eucharistescher Ubiedung an der Parkierch zu Bruch. Do wëlle mer – anhand vun engem Bibeltext – an der Präsenz vum Operstanenen lauschteren: mir wëlle wierklech dem Härgott dëst Uleiesu vertrauen, an hiën zu eis schwätze loossen. No däer Stonn Anbetung gi mer an de Parzenter, wou jiddereen ausdrécke kann, wat hiën vum Här empfaangen a gesoot kritt huet. Hiën soll äis inspiréieren, an d'Kierch an d'Zukunft féieren. Jiddereen ass ganz häerzlech invitéiert, fir d'Zukunft an d'Nei-evangeliséierung vun eiser Kierch ze bieden.

Zanter der Zäit vum hellege Willibrord (+739) ass d'Chrëschtentum lieweg an eiser Regioun. Dëse Glawen, deen äis dréit, wëlle mer och deene zukünftege Generatiounen weiderginn.


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn Iech zur Säit fir Äert Graf vun Äre léiwe Verbliwwenen ze ënnerhalen. Schéi Blummen, ofwäschen oder nei ausfouen.
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu

SOPINOR CONSTRUCTIONS SA

CAP Construction
Art et Pavés · Groupe SOPINOR

SOPI THERME
CHAUFFAGE / SANITAIRE / VENTILATION

SOPI FAÇADES
FAÇADES / PARACHÈVEMENT

# Conception et maîtrise de votre projet, construction et rénovation, clefs en main!

L'entreprise SOPICONCEPT SA, entreprise luxembourgeoise, dynamique qui tient sa force de sa pluri discipline dans les différents travaux qu'elle a à sa charge.

Depuis la création de l'entreprise en 2015, nous collaborons sur des travaux d'envergure et de typologies diverses alliant le savoir-faire interne au groupe SOPINOR, et de toutes les sociétés du groupe avec qui nous maîtrisons 70 % des travaux en interne.

Ensemble, au travers d'un parc matériel important (camions, camionnettes, chargeur etc…), de la présence de près de 500 collaborateurs riches en expériences allant du terrassement aux finitions et aux divers travaux de gros œuvres

SOPI CONCEPT

CONSTRUCTION / RENOVATION

info@sopiconcept.lu / Tel: +352 26.57.80-1
70 , Z.I. Um Monkeler L-4149 Schifflange

**www.sopiconcept.lu**

# Hélène Grober

Depuis 30 ans déjà !

Agence immobilière s.à r.l.

www.immo-grober.lu - Tél.: 40 97 90

ACHAT - VENTE - LOCATION - PROMOTION - CONSTRUCTION

**NOUVELLES CONSTRUCTIONS A MOESTROFF ET EISCHEN**



MOESTROFF - Rue de l'église, reste 2 maisons en vente



EISCHEN – Rue Bourg, reste 1 appartement

**Mir sichen och Terrain'en, Appartementer an Haiser (al oder rezent) fir direkt ze kafen. Ouni Käschte fir de Verkeefer.**

**Tél.: 40 97 90**

**Autres projets en vente ou à venir* :**
**BELVAUX (6 maisons) – EISCHEN* (Appartements)**
**LEUDELANGE* (2 maisons) – HAGEN* (2 maisons)**

... et beaucoup d'autres objets en vente ou en location à découvrir sur www.immo-grober.lu

SERVICE RAPIDE ET SOIGNE | DEPUIS 1992 ANS A L'ECOUTE DU CLIENT

# Wagner

## pompes funèbres

**Tél : 32 92 27 (24/24)**



- Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
- Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
- Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
- Transports nationaux et internationaux
- Incinération sans adhérence à une société
- Fleurs et accessoires

**45, rue Principale**

**L-7595 Reckange/Mersch**

**pfwagner@pt.lu**

Au service des défunts et de leurs familles en de

24/24 heures pendant toute l'année